

Spezifesch Adaptatiounen un d'sanitärt Konzept vum SNJ am Kader vum COVID-19

Centre Marienthal

Version : 27.10.2020

1. Recommandations sanitaires temporaires :

All Grupperesponsabel ass selwer verantwortlech sech während séngem Openthalt un déi aktuell an zoutreffend Recommendatione vum Ministère de la Santé ze halen.

Den SNJ kann net verantwortlech gemach ginn falls ee Grupp sech net un déi sanitär Mesuren hält.

2. Port du masque:

Am ganze Mariendall gëllt grondsätzlech bannen wéi baussen Maskepflicht.

D'Maskepflicht ass opgehewen:

- Sëtzend beim Iessen, maximal 4 Persounen pro Dësch.
- Sëtzend bei Réunionen oder Formatiounen bis maximal 4 Persounen.
- Bei spezifesch festgeluechten Ausnamen.

D'Gruppe ginn am Virus informéiert datt si musse Maske matbréngen.

Am Sekretariat kritt ee Masken zur Verfügung gestallt falls een eng nei brauch.

3. Circulatioun um Site :

Grondsätzlech soll d'Circulatioun um Site op ee minimum reduzéiert ginn an ee Kräize vu Gruppen evitéiert ginn.

Et gi keng virgeschriwwe Circulatiounsweeër um Site.

4. Affichage:

Affiche fir ze sensibiliséieren (Gestes barrières, richteg Hänn wäschen..) sinn um ganze Site ausgehaangen.

5. Hänn Wäschen / Desinfizéieren:

Et muss ee sech regelméisseg (beim Betrieden vum Site, virun enger Aktivitéit, virum Iessen...) seng Hänn wäschen oder desinfizéieren.

Nieft den Sanitäre stinn zousätzlech Wäschträch an Desinfektantspender op verschiddene Plazen vum Site zur Verfügung.

Desinfektant fir Surface kann ee beim Sekretariat zur Verfügung gestallt kréien.

6. Botzen:

All d'Gebaier ginn all Dag vun enger Botzfirma gebotzt.

Déi gebuchte Raim gi tëscht all Locatioun gebotzt.

D'Sanitäre an d'Points de contact ginn all Dag e puer mol propper gemach an desinfizéiert.

7. Lüften, Ventilatioun:

All benotzte Raim musse regelméisseg gelëft ginn.

Verschidde Fënstere goufen entspaart esou datt ee se grouss kann opmaachen, dëst awer just ënner Opsicht vun engem Erwuessenen.

Verschiede Raim verfügen iwwert eng Lüftungsanlag, dës Lüftungsanlag leeft onënnerbrach a funktionéiert just mat Frëschloft. D'Baussendiere vun de Gebaier dierfe fir ze Lüften blockéiert ginn, Bannendieren dierfen grondsätzlech net blockéiert ginn.

8. Iessen:

Ee Grupp deen Iessen an der Kantin reservéiert huet muss zu enger ofgemaachener Zäit Iesse goen. D'Dëscher an der Kantin si mam Numm vum Grupp markéiert. Et dierfe maximum 4 Persoune beienee setzen, d'Dëscher gi mat Trennwänn ennerdeelt. An der Kantin gëtt d'lesse beim Buffet vum Kichepersonal verdeelt. Circulatioun an der Kantinn verleeft zur Haaptentrée eran an zur Säitenentrée eraus.

E Grupp ka säin eegene Picknick matbréngen oder am Virus am Mariendall ee Lunchpaket oder Barquette bestellen.

Picknicke müssen d'Gruppen an hirem Squat, et dierfe maximal 4 Persounen pro Dësch setzen. Een am Mariendall bestalltene Lunchpaket oder Barquettes sollen 2 Persoune vum Grupp zu enger ofgemaachener Auerzäit bei d'Entrée vun der Produktiounskiche siche goen. Dat knaschtegt Besteck an den Dreck müssen nom Iessen zeréck bei d'Entrée vun der Produktiounskiche bruecht ginn.

Op Formatiounen ginn d'Kaffispausen an de Formatiounssäll zerwéiert a müssen am setzen ofgehalen ginn. Gruppe müssen hier eegen Drénkbidone matbréngen.

9. Marienhaus/Sekretariat:

D'Sekretariat am Marienhaus soll wann méiglech just vun de Responsabelen vun de Gruppen betruede ginn, an d'Sekretariat dierf maximal eng Persoun eran. D'Nuetseil ass fir Gruppe gespaart.

10. Sanitären:

Gruppen dierfen nëmmen déi hinnen zougedeelte Sanitäre benotzen. Fir d'Sanitäre besser kënnen opzedeele, goufen zousätzlech Toilettecontainer opgeriicht. Sèche-mains sinn ausgeschalt an dierfen net benotzt ginn, fir seng Hänn ofzedréchne steet Pabeier zur Verfügung. Beim benotze vun de Sèche-cheveux muss een eng Mask unhunn.

11. Squats:

All Grupp kritt ee Squat fir d'Zäit vu sengem Openthalt zougedeelt. E Squat besteet ëmmer aus op mannst engem Openthaltstraum oder Formatiounsraum, enger Openthaltsplaz baussen un der frëscher Loft a Sanitären. Jee no Disponibilitéit ass et och méiglech am Virus weider Raim oder Plazen derbäi ze buchen.

Gruppe solle sech während hirem Openthalt an ausserhalb den Aktivitéiten nëmmen an hirem Squat ophalen. D'Raimlechkeeten an d'Plaze vun engem Squat dierfe gläichzäiteg just vun engem Grupp benotzt ginn a gi tëscht all Benotzung gebotzt.

12. Formatiounsraum:

Fir all Formatiounsraum gëtt eng maximal Kapazität u Persounen festgeluecht. Ab 10 Persounen an engem Raum muss zousätzlech zur Maskepflicht sätzend d'Distanz vun 2m agehale ginn. An de Formatiounsraum ginn d'Still vum Personal am Virus esou opgestallt datt si déi néideg Distanz vun 2m hunn, ginn d'Still vum Grupp selwer ëmgestallt muss garantéiert bleiwen dass déi néideg Distanzen agehale ginn.

Tabletten, Telecommanden an anert Material dat während der Formatioun benotzt gëtt muss virun an no der Formatioun desinfizéiert ginn. Lingette stinn dofir zur Verfügung.

13. Dortoirs:

D'Schlofraim ginn op eng bestëmmten Unzuel u beluechte Better reduzéiert, tëschent all Bett muss eent fräi bleiwen.

Bei enger Iwwernuechtung ginn d'Etagen am Dortoir jeeweils als Ganzt un ee Grupp verlount, dozou gehéieren ëmmer d'Schlofraim, ee grouse Sall, d'Sanitären an eng Openthaltsplaz baussen.

Pro Stack dierfe keng zwee verschidde Gruppe schlofen.

Um Rdc ass een Zëmmer mat Toilette reservéiert als Quarantainezëmmer.

D'Circulatioun am Dortoirsgebai verleeft just an eng Richtung, zu der Haaptentrée eran, iwwert d'Haaptraapenhaus erop, zum Säitentraapenhaus erof an zur Säitendier eraus.

14. Cuisine pédagogique:

D'Cuisine pédagogique gëtt tëschent all Grupp gebotzt an desinfizéiert.

Benotzte Kichematerial, lessbesteck a.s.w. mussen an der Spullmaschinn oder mat waarmem Waasser a Spullmëttel gespult ginn.

lesswueren am Frigo mussen zou verpaakt gelagert ginn.

15. Gruppegréisst:

Déi maximal Gréisst fir Gruppen ass op 30 Participantë limitéiert.

Fir Konferenzen ergëtt sech déi maximal Gréisst aus der Kapazitéit vun deene gebuchten Raim.

16. Arrivée vum Grupp:

Kënnt ee Grupp un geet de Responsabele vum Grupp en an d'Sekretariat umellen, kritt matgedeelt a wéi engem Squat en ass a geet zesumme mam Grupp an de Squat.

Formatioune gi mat hirem Sall an der Entrée vum Site ausgeschëldert, Participantë solle beim ukommen direkt an hire Formatiounssall goen.

17. Personal Mariendall:

D'Personal vum Mariendall kennt d'Concept sanitaire an ass sensibiliséiert op d'Anhalen opzepassen.

D'Verhaltensregelen an d'Organisatioun vum Personal sinn an enger Note interne festgehalten.

18. Verdacht Covid 19:

Weist eng Persoun Symptomer muss dëss Persoun vum Grupp isoléiert ginn an vum Site ofgeholl ginn. Bis déi Persoun oofgeholl gëtt muss se an engem dofir virgesinne Raum waarden.

19. Tracing:

Fir den Retracage ze vereinfache muss all Grupp eng Lëscht ausfëlle mat de Nimm an den Donnéeën vun alle Participanten an Encadranten. Dës Lëscht muss de Responsabele vum Grupp am Sekretariat ofginn.

D'Lëschte vun de Gruppe gi vertraulech fir 15 Deeg gehalten an duerno zerstéiert.

Annexen:

Oplëschung vun Squats an der Kapazitéit vun de Säll

Plang vum Site

Mesuren op den Aktivitéiten

Annexe 1:

Oplëschting vun Squats an der Kapazitéit vun de Säll:

Squat:	Salle:	Sanitaires:	Zone extérieure:	Surface salle:	Capacité salle:
Schräinerei	Schräinerei- Salle d'accueil	Schräinerei	Devant l'église	55 m ²	7 Tables à 4 personnes
Schreiberzelt	Tente de réception (jardins)	Conteneur jardins	Devant la tente	54 m ²	7 Tables à 4 personnes
Dome	Dome (jardins)	Conteneur jardins	Devant le Dome	45 m ²	4 Tables à 4 personnes
Dortoirs - Rdc	Fiischen	Dortoirs- rdc	Grande cour 1	46 m ²	5 Tables à 4 personnes 9 pers. assises à distance
Dortoirs 1 étage	Gehaansfénelchen	Dortoirs 1 étage	Grande cour 2	60 m ²	7 Tables à 4 personnes 12 pers. assises à distance
Dortoirs 2 étage	Käizchen	Dortoirs 2 étage	Grande cour 3	60 m ²	7 Tables à 4 personnes 12 pers. assises à distance
Méliès	Méliès (+ Cuisine pédagogique)	Conteneur Bauerenhaff	Devant Bauerenhaff	35 m ²	7 Tables à 4 personnes
Aisch	Aisch	Passage réfectoire	Cour Schmétt-Réfectoire	130 m ²	8 Tables à 4 personnes 20 pers. assises à distance
Bauerenhaus	Scheier + Bauerenhaus	Conteneur Bauerenhaff	Cour Bauerenhaus-Schäfferei	51 m ²	6 Tables à 4 personnes 10 pers. assises à distance
Eglise	Eglise	Schräinerei ou passage réfect.	Cour Eglise et grande cour	214 m ²	28 pers. assises à distance

Dortoirs	Lits disponibles:
RDC - Total	20 lits
1. Étage - Total	20 lits
2. Étage - Total	20 lits
Chambres 02, 11, 12, 21, 22	2 lits
Chambres 03, 04, 13, 14, 23, 24	4 lits
Chambres 05, 06, 15, 16, 25, 26	4 lits

Annexe 2: Plang vum Site:



Annexe 3: Mesuren op den Aktivitéiten:

Parc à cordes: max.16 TN/Übung => max.30TN/Grupp

- Maskepflicht op der Aktivitéit.
- Virun den Aweisungen, während der Aktivitéit an no der Aktivitéit besteet Méiglechkeet Hänn ze desinfizéieren
- D'Sécherheetsmaterial gëtt vun den TR (Déi hun virdrun Hänn desinfizéiert) un TN verdeelt
- All TN kritt säin Sécherheets- an Animatiounsmaterial an et gëtt net enereenen getosch
- All TN kritt en Buff fir ënnert den Helm
- Min. 2 TN op den Sécherungsseeler fir ze séchern (net dee ganze Grupp)
- Material gëtt souwäit dat méiglech ass no der Aktivitéit desinfizéiert
- Material wat net kann desinfizéiert ginn, gëtt fir 24 Stonnen erausgeholl an separat gelagert
- Transferpanneau an Feedbackbéi si während Covid-19 net méiglech, aner Methoden ouni Material ginn hei genotzt...
- **D'Aktivitéit fënnt zu 100% dobaussen statt**

Tir à l'arc: max.16 TN

- Maskepflicht op der Aktivitéit.
- Virun den Aweisungen, während der Aktivitéit an no der Aktivitéit besteet Méiglechkeet Hänn ze desinfizéieren
- D'Sécherheetsmaterial an Animatiounsmaterial gëtt vun den TR (Déi hun virdrun Hänn desinfizéiert) un TN verdeelt
- All TN kritt säin Sécherheets- an Animatiounsmaterial an et gëtt net enereene getosch
- Et gëtt just "een Schéissduerchgang" vun engem TN pro Scheif, duerno ginn déi Feiler vun deem TN rëm agesammelt
- Material gëtt souwäit dat méiglech ass no der Aktivitéit desinfizéiert
- Material wat net kann desinfizéiert ginn, get fir 24 Stonnen erausgeholl an separat gelagert
- Transferpanneau an Feedbackbéi si während Covid-19 net méiglech, aner Methoden ouni Material ginn hei genotzt...
- **D'Aktivitéit fënnt zu 100% dobaussen statt**

Tandem: max.30TN

- Maskepflicht op der Aktivitéit.
- Virun den Aweisungen, während der Aktivitéit an no der Aktivitéit besteet Méiglechkeet Hänn ze desinfizéieren
- D'Sécherheetsmaterial an Animatiounsmaterial gëtt vun den TR (Déi hun virdrun Hänn desinfizéiert) un TN verdeelt
- All TN kritt säin Sécherheets- an Animatiounsmaterial an et gëtt net enereenen getosch
- Beim Plaaßwiessel um Tandem muss den TR Bremsen an den Giddon desinfizéieren
- All TN kritt en Buff fir ënner den Helm

- Material gëtt souwäit dat méiglech ass no der Aktivitéit desinfizéiert
- Transferpanneau an Feedbackbéi si während Covid-19 net méiglech, aner Methoden ouni Material ginn hei genotzt...
- **D'Aktivitéit fënnt zu 100% dobaussen statt**

Escape Area: max.10TN/Escape Game=> max.30TN/Grupp

- Escape Area => net méiglech! (d'Aktivitéit ass dobannen!) => **nei Aktivitéit => 3x Escape Game**
- Maskepflicht op der Aktivitéit.
- Virun den Aweisungen, während der Aktivitéit an no der Aktivitéit besteet Méiglechkeet Hänn ze desinfizéieren.
- D'Animatiounsmaterial soll sou mann wéi méiglech ënereneen getosch ginn.
- Material gëtt souwaït dat méiglech ass no der Aktivitéit desinfizéiert
- Transferpanneau an Feedbackbéi si während Covid-19 net méiglech, aner Methoden ouni Material ginn hei genotzt...
- **D'Aktivitéit fënnt zu 100% dobaussen statt**

Tb-Park: max.30TN

- **Verschieden Übungen mat ze vill Kierperkontakt sinn duerch nei Übungen ersat ginn.**
- Maskepflicht op der Aktivitéit.
- Virun den Aweisungen, während der Aktivitéit an no der Aktivitéit besteet Méiglechkeet Hänn ze desinfizéieren
- D'Animatiounsmaterial gëtt vun den TR (Déi hun virdrun Hänn desinfizéiert) un TN verdeelt
- D'Animatiounsmaterial soll sou mann wéi méiglech ënereneen getosch ginn.
- Material gëtt souwaït dat méiglech ass no der Aktivitéit desinfizéiert
- Transferpanneau an Feedbackbéi si während Covid-19 net méiglech, aner Methoden ouni Material ginn hei genotzt...
- **D'Aktivitéit fënnt zu 100% dobaussen statt**

De kulturelle Rucksak: max.30TN

- Virum opriichten mussen sech TR hier Hänn wäschen an desinfizéieren.
 - Pro TN gëtt beim Opbau een Rucksak preparéiert mat folgenden Material
 - Maskepflicht op der Aktivitéit.
 - Den TR verdeelt di preparéiert Rucksäck un all TN
- Rucksak Übung
- Jiddereen fir sech all TN kritt dofir vum TR 1 preparéierten Rucksak.
 - No der Übung hält jiddereen säi Rucksak,
 - Di benotze Stëfter kommen an extra Këscht "Material fir ze desinfizéieren"
 - Buttons di net benotzt goufen kennen di Jonk halen (an hire Rucksak maachen)

Dreieck Übung

- Di Jonk hunn während der Übung eng Mask un wann se Distanz vun 2 Meter net anhale kënnen.
- Jiddereen kritt 1 Stëft an e benotzt just deen (ass a sengem Rucksak)
- No der Übung ginn di benotzte Stëfter an eng separat Këscht gemaach "Material fir ze desinfizéieren"

Bewegung Spiller kënnen normal gemaach ginn

Märjendall Expeditioun: max.30TN

- Et ginn 2 Expeditiouns Kiten: Rout gëtt **Moies** benotzt, Blo: gëtt **Mëttes** benotzt
- Maskepflicht op der Aktivitéit.
- All TN an den TR hunn awer eng Mask dobäi fir am Fall wou bei Spiller 2 Meter Distanz net kënnen agehale ginn unzedoen.
- Bei Aktivitéiten wou Seeler oder e Ball benotzt ginn desinfizéieren sech TN duerno hier Hänn (Desinfectant ass am TR Rucksak)
- Beim Spill Bodyguard kommen pro 4 Sécherheetswest an de Rucksak deemno ginn et Maximal 4 Bodyguarden.
- Di benotzte Secherheetswesten ginn opgehaangen an désinfizéiert
- Di benotzte Seeler ginn opgehaangen an desinfizéiert

Mir dréien e Film, Ee Film maache mam Ipad, Biller an eisem Kapp, Foto Atelier, Live am Studio, Méliès

- Freelance hunn permanent eng Mask un
- Participant hunn déi ganzen Zäit eng Mask un.
- Ipad, Kamera etc. ginn all desinfizéiert éier de Grupp kënnt an ab deem Moment wou de Grupp Material ugepackt huet, packen Freelance et net méi un
- Freelance ginn all hir Aweisung mëndlech, keng Demonstratioune méi op den Ipads, Kameraen
- Et schaffe maximal 5 Kanner un engem Ipad, Ipads ginn net ënnert de Gruppe gewiesselt.
- Och Säll ginn net ënnert de Gruppe gewiesselt. Et gëtt probéiert sou vill wéi méiglech dobaussen ze filmen.
- Kleeder an Accessoirë gi mindestens 24 Stonnen op Säit geluecht éier ze rëm benotzt kënnen ginn
- Et gi keng Feedbackkarte méi ausgefëllt
- Freelance ësst net mam Grupp.

Kachen no Reklamm

Ass am Moment net.

Bauernhaff:

- Mir deelen all Grupp an 2, een geet an d'Kichen an een an de Stall oder Bauernhaff.
- Beim kachen d'Hänn regelméisseg wäschen.
- Maskepflicht op der Aktivitéit.
- Wa mir Deeg preparéieren mécht jiddereen säin eenzel op engem separaten Teller.
- Beim lessen max. 4 Léit pro Dësch.